Nr 6

13 te Januar 1942


# De "Freie" Lötzeburger

Mir wölle bleiwe wât mir sin

Telefon : N° 12-34 — Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy — Verwaltong : Prisong am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau



C. W. O. II
BG 192
C. 2. G. M.


*So' secher we' ons d'Bierger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

----- 23te Januar -----

## ----- Lötzeburgescht Nationalfest -----

De Geburtsdag vun der Gro'ssherzogin Charlotte ass zu onsem Natio'nalfest erhûewe gin. An de leschte Jore vrum Krich hûet Stâd a Land Lötzeburg dât Fest mat gro'sser Begêschterong gefeiert. Stîed an Dîerfer stongen am Sondesklêd an ons ro'd, weiss, blo Farwen hu geschwîewt am Freihêtswand. Arem a Reich haten de beschte Fûedem un. D'Klacken hu geschâlt iwer Bîerg an Dall; vum Niklostur hûet "De Feierwon" geklénkt, ons dem Lentz seng sche' Wîerder an Erönnerong geruff : Frot dir no alle Seiten hin, we' mir eso' zefridde sin. D'Beamten, vum Héchsten bis zum Klengsten, hun dem feierlechen TE DEUM beigewunnt; d'Könnercher hate Spilldag; d'Kano'nen (de' lötzeburgesch) hun hir Stömm he'ere gedon; de Fakelzuch, vu Militärmusék an Zaldote beglêd, ass dûrch d'Stâd gezun op de Palais lass, wo' ons Gro'ssherzogin an de Prönz Felix, de Prönz Jang an all de' aner Prönzekönnercher vum Balkong aus dem begêschterte Vollék zo'gewénkt hun. A bis spe't an d'Nûecht eran hun d'Glîeser geklénkt a go'we patriotesch Lidder gesong. Mat déne Manifestatio'nen hûet onst Vollék seng Trei zer Kro'n, sein Onofhängegkêts- a Freihêtswöll bewisen. Wârm hun ons Hîerzer geschlon fir ons Gro'ssherzogin an Hir Familjen, kên Drock a kên Zwank woren ne'deg derzo'.

So' wor et an déne sche'ne Jore vrum Krich, zur Zeit we' mir nach als "frei" Birger optrîede konnten.

## A N   H A U T ?

Haut sti mir am 2te Krichsjor, de Preiss hûet Land a Vollék an der Gewalt. Alles, wat mat onser Onofhängegkêt, onser Freihêt, onsem Tro'n zesuême gehângen hûet, ass vun him ofgeschâft gin.

Do, wo' ons Nationalfarwen ons fröndlech zo'gewénkt hun, hänken haut abscheileg Hackenkreizer. - De Lötzeburger kuckt an de Bûedem.

Do, wo' fre'er Gro'ss a Kleng, Reich an Arem bei engem Portrait vun onser Gro'ssherzogin stoe blo'wen, hänkt haut d'Blid vum Gre'sste Verbrîecher dèn d'Mönschhêt bis elo kannt hûet. - De Lötzeburger dre't him de Réck.

Do, wo' mir an der Zeit ons braw a propper lötzeburger Zaldoten bege'nt hun, fale mir op Schrött an Trött op e knaschtege Kamösstiwel, op de' ruckelzech Gestapo, op qualzech a vermengt Offize'er mat engem Schmiss op der Schn... .- De Lötzeburger mécht d'Fauscht an der Täsch.

Do, wo' fre'er ons Scho'lkanner ongezwongen patriotesch Lidder gesong hun, fanne mir eng force'ert "Hitlerjugend", de' op Commando d' "Horst-Wessel" Lid muss sangen.- De Lötzeburger hûet Matlêd mat en a sét sech : 't ass net me' fir lâng.

Polizei, Eisebunnerten, Tramsmännercher stîechen haut a preisescher Uniform.- De Lötzeburger wês net me' wîen hîe viru sech hûet.

"Gudde Mûergen" a "gudden Owend" hun engem "Heil Hitler" musse Plâtz mâchen.

Alles dre'gt de Stempel vum Dappland.

Ower eppes ass dach bliwen, wat d'Nazien net verpreise konnten. Ons Hîerzer. Jo, ons Hîerzer halen hinnen de Bass, losse sech net dûrch gutt a schlecht Wîerder kafen. Ons Hîerzer schlon fir ons Freihêt, ons Onofhängegkêt, onse Glâf, ons Traditio'nen, an net am mannsten fir onsen Tro'n. Tro'n a Vollék sin è Ganzt, sin net vunenaner ze reissen.

Ons le'w Gro'ssherzogin, d'Mamm vun alle Lötzeburger an der Hêmecht an an der Frîemd, hûet der preisescher Tyrannei mussen entlafen. Mat gebrachenem Hîerz hûet Sie op mat Däre bestrête Wéen eng beschwe'ert Rês gemâcht bis an de' Nei Welt, wo' Sie vun den Amerikaner a besonnesch vun de Lötzeburger hîerzlech emfângen ass gin. Haut ass Sie an Engeland, fir me' no bei ons ze sin. Hir Stömm hu mir verschiddemol gehe'ert, sie hûet ons getre'scht. Hirt Hîerz kllappt fir Hirt Vollék, fir Hir Hêmecht; Sie kann ons net vergîessen.

Dûerfir, Lötzeburger, an der Hêmecht an an der Frîemd, vergîesst och net onser Mamm hiren Dag ze feieren; am Stöllen, wann et net anescht gêt. An Amerika an an Engeland hûet Sie derfir gesûergt, dat ons Land nom Krich seng Onofhängegkêt a seng Freihêt nês erem kritt. Dûerfir eleng musse mir hir op blo'se Kne'en danken. Bîed, dat onser Herrgott d'Geschék vun onsem Hêmechtland nach lânge Joren an Hiren Hänn le'sst, an dat Sie de Nationalfeierlechkêten vum Jor 1943 an onser Mött nês beiwunne kann. Mir wönschen et vun Hîerzen.

Ons Gro'ssherzogin Charlotte soll lîewen !

---

## Mir wölle bleiwe, wat mer sin.

De 5ten Oktober 1859, bei Geléenhet vun der Aweiong vun onser e'schter Eisebunn, ass zu Lötzeburg um Knûedler de "Feierwon" fir d'e'scht gesonge gin. Dât vum Lentze Misch an der Hêmechtssprôch geschriwent Lid wor alle Leiden, de' dese Festlechkête beigewunnt haten, zu Hîerze gâng an e pûer Dég drop go'f et vun Al a Jong an der ganzer Hêmecht gesong. O'ni hei weider anzegen op d'Lid selwer, dât onst frîdlecht Birgerléck zem Ausdrock bréngt, wölle mir ons nömme mam Refrain vun der leschter Stroph befâssen, de' mat de sche'ne Wîerder endegt : Mir wölle bleiwe wat mer sin.

Mat dene Wîerder hûet den Dichter dem Vollék de gro'ss Virdèler vun onser Onofhängegkêt un d'Hîerz gelûegt. An dât ass geschitt an enger Zeit wo' d'Festong Lötzeburg nach vun de Preise besat wor a wo' onst Land schwe'er a bâng Zeiten hûet mîsse matmâchen.

Bei Geléenhet vum 25te Joresdag vum "Feierwon" hûet onse fre'ere Staatsminister Pol Eyschen gottre'scht an engem Festartikel nogewisen, we' de "Feierwon" seng Plâtz an onser Onofhängegkêtsgeschicht agehollt hûet. Enner anerem hûet den Här Eyschen dât hei geschriwen :

" We' am Jor 1866 fir onst Land d'Gefor bestong seng Selfstännegkêt ze verle'eren hu gro'ss Patrioten, dûrch d'Sange vum "Feierwon", der Welt d'Angscht an d'Wönsch vum lötzeburger Vollék bekannt gin. Sie hun iwer d'Grenzen eweg gesong : Frot dir no alle Seiten hin, mir wölle bleiwe wat mer sin.

" So' hûet et fir d'e'scht geklénkt, we' d'E'sterreicher vun de Preise bei Königgrätz geklappt si gin a we' d'preisesch Zeidongen verlângt hun onst Land misst dem " Norddeutschen Staatenbund" beitrîeden.

" Eng zwête Ke'er hûet et geklénkt, we' am Fre'jor 1867 gewössen intresse'ert Hären am Vollék fir den Uschloss u Frankreich Propaganda gemâcht hun.

" Op de' selwegt Mane'er hûet onst Vollék och, den 11te Mê 1867, de Londoner Vertrag iwer ons Neitralite't begre'sst.

" Och de Pronz Hary go'f mat dém selwegte Lid bei ons emfângen.

" Mir wölle bleiwe, wat mer sin hûet et erem geschâlt, we' am Jor 1870 den deitsch-franse'sche Krich sech vrun onser Dir ofgespillt hûet."

De Kano'nendonner vu Spichern, Gravelotte a Sedan hûet dèmols an onse Bîerger eremgeschâlt, an onst Vollék hûet sech mat begreiflecher Angscht gefrot op seng Selfstännegkêt gesechert soll bleiwen. En Zuch mat Lîewensmöttel ass vu Lötzeburgofgâng no der Festong Diedenhûewen, an dât hûet de Preiss als eng Neitralité'tsverletzong ugesin. Deitsch Zeidongen hun nês eng Ke'er op d'déck Tromm geschlon a verlângt Lötzeburg ze annekte'eren. De Prönz Hary ko'm aus Holland fir onst Vollék ze bero'egen an hîen ass vum Vollék mat der gre'sster Begêschterong emfânge gin. Chamber a Staatsrot,

Gemengere't a Vereiner hun him Petitio'nen iwerrêcht, de' all den hêlege Wonsch ausdréckten : Mir wölle bleiwe, wat mer sin. A senger Nervosite't ass eso'gûer en Dêl vum Vollék me' weit gâng an et hûet, we' e No'tkrêsch, hêderhârt gesong : Frot dir no alle Seiten hin, mir wölle jo keng Preise gin.

D'Gefor gong glécklecherweis eriwer. Ower Lötzeburg hûet seng Eisebunnen dem Preiss missen oftrieden. Dorophin hûet d'Opréjong am Vollék stänneg zo'geholl an zönterhîer go'f de "Feierwon" bal net me' anesocht gesong we' mat de Wîerder : Mir wölle jo keng Preise gin. So' schreiwt Nic.Welter a sengem Buch " Das Luxemburgische und sein Schrifftum ", Editio'n 1915 : " So allgemein drängte sie sich dem Volksbewusstsein auf, dass der Verfasser dieses Büchleins bis Ende der achtziger Jahre des vorigen Jahrhunderts den Kehrreim nicht anders kannte als in der Form : Frot dir no alle Seiten hin, mir wölle jo keng preise gin".

Am Lâf vun de Joren hûet d'Roserei sech no an no gelûegt an de " Feierwon " hûet rês mat Fridenswîerder ausgeklénkt.

Am Jor 1889 hûet de Gro'ssherzog Adolf den Ed ofgelûegt. Bei dèr Geléenhêt hûet en a senger Rîed un d'Ministeren an d'Depute'erten dât hei gesot : "Ich leere mein Glas bis auf den letzten Tropfen und ich will Ihnen ein paar Worte sagen, die gewiss in Ihrem wie in aller Luxemburger Herzen widerklingen werden : Mir wölle bleiwe, wat mer sin."

A fir der ganzer Welt desen de'fste Wonsch an Erönnerong ze ruffen, hun d'Lötzeburger d'Weis vum " Feierwon " dem Klackespill vun der Nikloskîrech iwergron.

Och d'Monument, opgerîcht zu E'ren vun onsen Natio nal dichteren Dicks a Lentz, dre't mat Recht de stolze Sproch : Mir wölle bleiwe, wat mer sin.

So' wor et fre'er, an eso' ass et och nach hetgesdags. Dem Lentz seng Wîerder "Mir wölle bleiwe, wat mer sin" hun an onsen Hîerzer eso' de'f Wûrzele geschlon, dat mir ons âl Ierfstécker, Freihêt an Onofhängegkêt, önner kengen Emstänn aus der Hand wölle gin. Mir wössen wat et ons kascht hûet e freit Vollék ze gin, a mir wössen och wat mir verle'eren wa mir am Hitler seng Fâl gin.

Dûerfir, Lötzeburger, he'ch de Kapp. Losst îech net verblennen dûrch sche' Wîerder a Verspriechen. Hîeft de Mutt dem Preiss an d'Gesîcht ze son : Mir wölle bleiwe, wat mer sin, frei an onofhängeg Lötzeburger.

E Vollék dât sech wiert, stîerft net.

Béngéns Dömmy

---

M acht ihr uns auch viel zu schaffen
I n der unglücksvollen Zeit,
R asselt ihr auch mit den Waffen
\- W acker steh'n wir Seit an Seit.
Ö fters wolltet ihr versuchen
L änderdurst zu stillen hier.
L uxemburger euch verfluchen,
E ignen Herd das wollen wir.
\- B lendend wollt ihr uns verlocken,
L ösen unser Bruderband,
E hrlos läutet ihr die Glocken
I m von euch besetzten Land.
W ehrlos wir die Stirne bieten;
E ndlos unsre Hoffnung ist
\- W iewohl die, die uns verrieten,
\- A uch das Hackenkreuz gehisst.
T rost uns kommt aus fernen Landen.
\- M ächte reichen sich die Hand,
I nsgesammt sie euren Banden
R astlos raufen jedes Pfand.
\- S chnittet ihr im Siegestraume
I n die Rind' vom Freiheitsbaume,
N och die Wurzel hällt euch Stand.

Flang

---

----- Deitsch Leid mussen deitsch Nîem dron -----

We' bekannt, mussen all Vîr- a Familjenîem, de' net deitsch klénken, geännert, d.h. verdeitsch gin.

Gemengere't a Vereiner hun him Petitio'nen iwerrêcht, de' all den hêlege Wonsch ausdréckten : Mir wölle bleiwe, wat mer sin. A senger Nervositeit ass eso'gûer en Dêl vum Vollék me' weit gâng an et hûet, we' e No'tkrêsch, hêderhârt gesong : Frot dir no alle Seiten hin, mir wölle jo keng Preise gin.

D'Gefor gong glécklecherweis eriwer. Ower Lötzeburg hûet seng Eisebunnen dem Preiss missen oftrieden. Dorophin hûet net d'Opréjong am Vollék stänneg zo'geholl an zönterhier go'f de "Feierwon" bal me' anescht gesong we' mat de Wierder : Mir wölle jo keng Preise gin. So' schreiwt Nic.Welter a sengem Buch " Das Luxemburgische und sein Schrifftum ", Editio'n 1915 : " So allgemein drängte sie sich dem Volksbewusstsein auf, dass der Verfasser dieses Büchleins bis Ende der achtziger Jahre des vorigen Jahrhunderts den Kehrreim nicht anders kannte als in der Form : Frot dir no alle Seiten hin, mir wölle jo keng preise gin".

Am Lâf vun de Joren hûet d'Roserei sech no an no gelûegt an de " Feierwon " hûet rês mat Fridenswierder ausgeklénkt.

Am Jor 1889 hûet de Gro'ssherzog Adolf den Ed ofgelûegt. Bei dèr Geléenhêt hûet en a senger Ried un d'Ministeren an d'Depute'erten dât hei gesot : "Ich leere mein Glas bis auf den letzten Tropfen und ich will Ihnen ein paar Worte sagen, die gewiss in Ihrem wie in aller Luxemburger Herzen widerklingen werden : Mir wölle bleiwe, wat mer sin."

A fir der ganzer Welt desen de'fste Wonsch an Erönnerong ze ruffen, hun d'Lötzeburger d'Weis vum " Feierwon " dem Klackespill vun der Nikloskirech iwergron.

Och d'Monument, opgericht zu E'ren vun onsen Nationaldichteren Dicks a Lentz, dre't mat Recht de stolze Sproch : Mir wölle bleiwe,wat mer sin.

So' wor et fre'er, an eso' ass et och nach hetgesdags. Dem Lentz seng Wierder "Mir wölle bleiwe, wat mer sin" hun an onsen Hierzer eso' de'f Wûrzele geschlon, dat mir ons âl Ierfstécker, Freihêt an Onofhängegkêt,önner kengen Emstänn aus der Hand wölle gin. Mir wössen wat et ons kascht hûet e freit Vollék ze gin, a mir wössen och wat mir verle'eren wa mir am Hitler seng Fâl gin.

Dûerfir, Lötzeburger, he'ch de Kapp. Losst iech net verblennen dûrch sche' Wierder a Verspriechen. Hieft de Mutt dem Preiss an d'Gesicht ze son : Mir wölle bleiwe, wat mer sin, frei an onofhängeg Lötzeburger.

E Vollék dât sech wiert, stierft net.

Déngéns Dömmy

---

M acht ihr uns auch viel zu schaffen
I n der unglücksvollen Zeit,
R asselt ihr auch mit den Waffen
\- W acker steh'n wir Seit an Seit.
Ö fters wolltet ihr versuchen
L änderdurst zu stillen hier.
L uxemburger euch verfluchen,
E ignen Herd das wollen wir.
\- B lendend wollt ihr uns verlocken,
L ösen unser Bruderband,
E hrlos läutet ihr die Glocken
I m von euch besetzten Land.
W ehrlos wir die Stirne bieten;
E ndlos unsre Hoffnung ist
\- W iewohl die, die uns verrieten,
\- A uch das Hackenkreuz gehisst.
T rost uns kommt aus fernen Landen.
\- M ächte reichen sich die Hand,
I nsgesammt sie euren Banden
R astlos raufen jedes Pfand.
\- S chnittet ihr im Siegestraume
I n die Rind' vom Freiheitsbaume,
N och die Wurzel hällt euch Stand.

Flang

---

\----- Deitsch Leid mussen deitsch Niem dron -----

We' bekannt, mussen all Vir- a Familjeniem, de' net deitsch klénken, geännert, d.h. verdeitsch gin.